



Niederanven

Nightlifebus beförderte 25 000. Fahrgast

Am Wochenende beförderte der Nightlifebus der Gemeinde Niederanven seinen 25.000. Fahrgast.

An diesem Wochenende sind 25-jährige Vereinsbestehen. Der am 28. November 1978 gegründete Verein hat für dieses Jubiläum mehrere interessante Ausstellungen organisiert.

Heute Samstag und morgen Sonntag in Strassen

Briefmarken, Photos, Lokomotivmodelle und ferngesteuerte Trucks

„Cercle philatélique“ feiert 25-jähriges Bestehen

Der „Cercle philatélique“ feiert an diesem Wochenende sein 25-jähriges Vereinsbestehen.

bert Pansin (Luxembourg – Préphilatélie et Classique), René Posing (Die Welt der Eisenbahn) und Leander Staar (Luxembourg – N° 1 & 2).

Auch einige jugendliche Mitglieder stellen ihre Motivsammlungen aus: Sarah Hilges (Berühmte Personen auf Straßenschildern der Gemeinde Strassen), Martine Kandel (Die Welt der Pferde), Yves Kandel (Von der Motorkutsche zum modernen Rennwagen), Tom Meyers (Bunte Vogelwelt), Michel Mrechtes (Sommer- und Winterolympiaden), François Schmitz (Vom Sputnik zur Weltraumstation).

Klassenphotos und Hochzeitsbilder aus der ersten Hälfte des vorigen Jahrhunderts wurden von Roger Gallion zusammengetragen und bilden sicher einen Anziehungspunkt in der Ausstellung.

Camille Breger, bekannt für seine vielseitige Basteltätigkeit, zeigt seine mit viel Geduld und Ausdauer in Tausenden von Arbeitsstunden nach Originalplänen in reduziertem Maßstab hergestellten Nachbildungen von Lokomotiven.


RCTMC im großen Saal des Centre Barblé eine Piste für ferngesteuerte Trucks auf. Hier können hauptsächlich Jugendliche sich an Vorführungen und Wettbewerben beteiligen, ihre Geschicklichkeit auf die Probe stellen und dabei Preise in Form von Briefmarken gewinnen.

An beiden Tagen sind die Ausstellungen geöffnet von 10 bis 18 Uhr. Um diesem Jubiläum eine noch edigere Note zu verleihen, veranstaltet der Briefmarkenverband FSPL seinen 60. Jahreskongress am Samstag ebenfalls in Strassen.

Ein Sonderpostamt erteilt den Spezialstempel mit einer Zeichnung des früheren Postgebäudes heute Samstag, den 29. März, von 10 bis 12 und von 14 bis 17 Uhr in den Ausstellungsräumen.

In einer kleinen Broschüre findet der Interessent einen Rückblick über die wichtigsten Ereignisse im Tätigkeitsfeld des „Cercle philatélique“ Strassen sowie eine Zusammenstellung aller bis heute in der Strassener Post abgeschlagenen Stempel.

kano



Die Restaurierungsarbeiten der Kapelle „op Birelerhaff“ schreiten voran (Photo: M. Wagner)

Geschichtsfreunde setzen sich für Erhalt von Bausubstanz und der Flurnamen ein

Geschichtsverein aus Sandweiler zog Bilanz

Zur 18. Hauptversammlung im Kulturzentrum begrüßte Präsident Marcel Hilbert Bürgermeister John Breuskin, Schöffe Claude Mousel, Pfarrer Alphonse Molitor, Ententepräsident Roger Schleck sowie einige interessierte Mitglieder.

Bei der Gedenkminute für die verstorbenen Mitglieder gedachte man besonders des Gründungsmitgliedes Heng Majerus, der dem Geschichtsverein eine ausführliche Dokumentation über Sandweiler geschenkt hatte.

Sekretär Jos. Feller legte einen ausführlichen Bericht vor und wies auf die zahlreichen Arbeitsstunden der Vorstandsmitglieder zum Archivieren von Zeitdokumenten hin.

Auf Anraten der Kassenrevisoren Maus Kessler und Abbé Alphonse Molitor erhielt Kassiererin Margot Feller Entlastung durch die Versammlung.

Der Sekretär unterstrich, dass an jedem ersten Mittwoch im Monat im Santwilre-Saal im früheren

„Pompjesbau“ ab 19.30 Uhr Besucher willkommen sind.

Man will erneut einen Anlauf zur Wiederherstellung des „Wäschbuer“ unternehmen, der vorzüglich in den „Quellepad“ einbezogen werden könnte, die Sammlung der Totenbilder weiterführen, die mechanische Turmuhr aus dem Jahre 1897, die vor 25 Jahren von Alfred Hommel gerettet wurde, im „Haus an der Poleschgaass“ aufstellen, die Arbeiten an der Kapelle „op Birelerhaff“ verfolgen und die Veretzung der Kapelle „op Kapelleberg“ unterstützen, den Erhalt der Kapelle am Ausgang der Umgehungsstrasse „Eiterberg“, zu dem eine schriftliche Einwilligung der Straßenbauverwaltung vorliegt, fördern, sich an den Vorbereitungen zum 50-jährigen Bestehen des Deutschen Soldatenfriedhofs (1955) beteiligen sowie die Gemeindeverwaltung bei der Aufstellung des Dorfplanes beraten.

Bürgermeister John Breuskin würdigte die Arbeit der Mitglieder des Geschichtsvereins und ihren Einsatz zum Erhalt von erhaltenswerter Bausubstanz und ihre Vorschläge zum Erhalt der Flurnamen bei der Benennung von neuen Wohnvierteln und Straßen.

Dem Vorstand gehören an: Marcel Hilbert, Marcel Wagner, Jos. Feller, Margot Feller, Fernand Stein, Claude Mousel, Norbert Schmitt und René Croé.

Festung Luxemburg schützen und bekannt machen

„Frënn vun der Festungsgeschicht Lëtzebuerg“ zogen Bilanz

Die Freunde der Festungsgeschichte Luxemburgs kamen im Cessing Kulturzentrum zu ihrer diesjährigen Jahresversammlung zusammen.

Dem umfangreichen Aktivitätsbericht von Sekretär Rob Wagner waren eine Reihe von Schwerpunkten zu entnehmen. Die „Frënn vun der Festungsgeschicht“ beteiligten sich an der „Nuit des Musées“ und organisierten Ausflüge nach Verdun, nach Irel zum Westwall, nach Cattenom zur Maginot-Linie sowie zu den Werken nach Briancourt.

oder ausgeführt werden. Vorgesehen für dieses Jahr sind Führungen durch das Festungsmuseum anlässlich der „Journée des Musées“, eine „Journée du Patrimoine“ im September mit einem historischen Rundgang durch das Petrus-Tal sowie Ausflüge nach Koblenz und Irel. Auch die Sommerführungen werden dieses Jahr wieder stattfinden. Die Vereinigung der Festungsfreunde erfreut sich regen Interesses, immerhin bewegt sich die Zahl ihrer Mitglieder auf die Tausend zu.



Erste-Hilfe-Kursus in Hesperingen erfolgreich abgeschlossen

Im Rahmen einer Feierstunde im „Centre civique“ in Hesperingen erhielten die Teilnehmer des Erste-Hilfe-Kurses, der von der Gemeindeverwaltung und der Lokalsektion des Roten Kreuzes organisiert worden war, ihr Abschlussdiplom.

richtete. Vizepräsidentin Nicole Casel begrüßte die Anwesenden, insbesondere den Direktor des Roten Kreuzes, Jacques Hansen, und Bürgermeisterin Marie-Thérèse Ganthein. Der Direktor ging in seiner Ansprache auf die Wichtigkeit des Roten Kreuzes ein und die Bürgermeisterin lobte das Engagement der Kursteilnehmer und ihrer Bereitschaft, sich unentgeltlich in den

Dienst ihrer Mitmenschen zu stellen. Ein Wiederholungskurs in Erster Hilfe beginnt am 29. April im Eingangszentrum der lokalen Feuerwehr.

Die Laureaten sind Wilma Bidoli, David Doerfler, Jessica Meiers, Olivier Peusset, Valentino Picco, Marie-Pierre Tex-Frisch, Elisabeth Weyrich, Norbert Winandy und Tom Winandy.

eng KLACK fir eis Sprooch 89

Akademie D-2

H. M. – Dëslescht (KLACK 88a) hate mir e grouse Fändel fir deen neie Léierstull / Chaire fir d'Lëtzebuergesch op der Universitéit zu Namur op d'Staag gemaach an eraus gehang.

Et wier elo ober wal un der Zäit, fir emol iwwerhaupt driwver nozedeken, datt déi wëssenschaftlech, pedagogesch, schoulméisseg, literaresch an allgemeng Aarbecht iwwer d'Lëtzebuergesch a fir eis Sprooch staatlech koordinéiert muss ginn, wa mir net wëllen, datt dat Ganz zergrimmelt a verfladdert. Soss entstinn a siwen Ecken deier Motz- a Konkurrenz-Wullereien an Expressereien, täsch den den d'Sach selwer zerwuewen gëtt.

D'Pro as déi hei: Ass d'Lëtzebuergesch äis eng offiziell Struktur, eng Zort „Sites et Monuments“ mat verschiddeenen Zellen / Modulë wuert oder net? Si mir prett, fir d'Haapt- / Stéck vun eiser kultureller Identitéit op en zolitte Fong ze stellen oder net? Si mir äis bewosst, datt eist Sprooch-Gebitt and administrativ eng eegen offiziell Infrastruktur muss kriéien, déi am Rang vum Staatsarchiv, dem Musée xyz, dem Institut national des sports asw. géng am Gesetz an am Staatsbudget stoen? Gewëss, mir hunn ewell hei an do „Haiser“, Aarbechtsgruppen, Kommissiounen, en „Institut grand-ducal“, ower datt bleift Geflécks, wa kee Fuedem et zesummenhält.

Hei sinn natierlech eis Politiker gefrot. Mir zweiwelen net drun, datt der eng Partie vun hinnen sech eis Propositionen op d'Lee schreiwen ... firwat net och d'Parteien an hire Programm fir 2004?!

Invitatioun / Aluedung

M.V. – Mir ginn erëm sou lues op d'Zäit vun de Kommioune lass. Zënter méi ewéi drésseng Joer hu mir eist Versproche gehal, jiddferengem fir d'as an aner Geleecheeten ze hëlfen, e Menü, eng Invitatioun oder e Merci op Lëtzebuergesch ze maachen. Dat ass nach haut esou ... Honnerten an Dausende vu lëtzebuergeschen Texter fanne mir dofir haut op de Feierdaagsdëscher an Invitatiounen. An eiser „Extranummer 3“ kënt Dir Iech déi Texter iwwerlesen och nach ganz kamoud selwer eraus sichen an opzetzen; hei uewe stinn eis Adress-Méiglechkeete fir dat Bichelchen ze kriéien.

Wat vrun 30 Joer ower nach net de Fall war: Eng „Invitatioun“ war nun emol eng Invaitaoun a keng „Aluedung“. Et ass kengem agefall, fir e Mënsch „anzelueden“, et guff op eng Kommioun, eng Houchzäit, e Gebuertsdag „geruff“ oder „invitiéiert“, ni „agelueden“! Dir sot Iech (an äis) elo, dat „Invitiéiere“ wier jo och net Lëtzebuergesch mä Franséisch; datt stëmmt zwar – wann och net ganz, well et ass Latäin! – mä wat ass da „merci“? Wat ass „trottoir“, „comptoir“, e „Comité“, eng „Annonce“ asw.? Solle mir dann elo vun engem „Biergersteig“, engem „Treisen“, engem „Virstand“, enger „Unzeig“ an esou houdäitschem Geschmëss schwätzen? Sot mir (an Iech) emol éierlech firwat! Et geet net duer, sech iwwer d'Sprooch um Radio an um „Hei Elei!“ ze iergeren ...

Déi ganz muttwëleg Verdäitscherei ass ARD, ZDF, PRO 7, SAT 3, RTLplus ... also „Fernseeh“ a soss glat näischt. Wat eis Sprooch (an äis?) ower vrun allem vun Däitschen ënnerscheet, ass dee romanesch-franséischen Aschlag am Lëtzebuergesch; dee solle mir net iwwerdreiven, mä mir dierfen hien op kee Fall fir TV-Däitsch an de Lompekuerf geheien!

ACTIOUN LËTZEBUERGEGESCH – EIS SPROOCH 53a Glesenerstrooss – L-1631 Lëtzebuerg-Gare

„nouvelle orthographe“ (sic!)?

L.R. – Wann ee mat Kanner oder erwuesene Leit ëmgeet, deenen een eppes soll bäibréngen – also „Schoul hält“ –, da gëtt et e puer Méiglechkeeten, datt zerguttst ze maachen:

1. Et kennt een „seng Saach a seng Leit“; et huet een säi „Bagage“ an dat natierlech, néidegt Fangerspëtzegefill, fir eng Léiersaach, eng „Matière“, unzepakten a weiderzeginn. Anesch gesot: dat „Léieres“ esou giedlech opzeschaffen / opzespécken, datt der méiglechst vill vun all deenen eppes matkriéien / behalen, déi ee virun sech setzen huet.

2. Et huet een dat „Bäibréngen“ als Fach geléiert, also eng fachlech a psycho-pädagogesch Formatioun ... ouni d'Nues ze héich an der Lut! Dat nennt sech och alt nach „Fangerspëtzegefill“ fir d'Saach selwer an deen néidege gesonde Mënscheverstand.

Déi lescht Méiglechkeet ass ganz kloer déi ideal Konditioun, fir Schoul ze halen. Mir kennen aus eiser Schoulzäit alleguer dees gudden an och sympathesche Léierpersonal ... leider erënnere mir äis ower och u pädagogesch „Plättelen“, déi zwar dacks Bomben an hirem Fach waren, ower Dëlpessen oder Stärkickeren, déi kengem eppes bäibréngen konnten, a schonns guer a glat keng Begescherung fir d'Fach selwer: aremséileg Fach-Méckepéiler, Labo-Wëssenschaftler, lächerlech autoritär Datzekanounen ... an nawell ganz dacks geféierlech, zynesch Gnomen!

Vrun e puer Joer hat ech de Leit vun eiser Schreifweiskommissioun e.a. un d'Häerz geluecht, offiziell nëmme en etlech kleng Vereinfachungen an der (zënter 1972) offizieller Orthographie vum Lëtzebuergesch ze maachen, em Gottes wëllen net ze vill, well dat war souwisou net néideg ... Leider guff dees Gudden dach ower eng Grimmel ze vill an op deer falscher Plaz gemaach ... et ass och alt erëm nëmme theoretesch vun „uewen erf dekretéiert“ ginn, aplaz d'Situatioun ze analyséieren a praktesch a Gruppen oder Klassen auszuprobéieren ... „Gedagogik“ aplaz Pedagogik!

No ronn zwanzeg Schreifcoursé fir Lëtzebuergesch (Biele, Esch, Diddeleng, Stad, um

„Hei Elei“ asw.) hat ech d'Haapt-Problemer an der Praxis natierlech mat menge „Schüler“ erkannt, grad ewéi och z.B. den Norbert Zeches an de Pol Pütz oder de Josy Braun dat zu Walfer an anerwärts gemaach hunn. Et waren deer Kniet net e sëlliche vill an deem „alen“, wann ee wusost, wéi een et géng upaken ... em Gottesbiddesello sollt bei der Virstellung vun deem „Neien“ ewo jo nëmme net vun enger „NEIER SCHREIFWEIS“ geschwat ginn, just vun e puer Knäpp a Knätzcher, déi erausgeholl gi wieren, also eng Zort butzeg „Ertstëmpe“ vu deem, wat längstens do war an um beschte Wee gewiescht ass, fir zolitt ze stacken. Leider ass et esou komm, wéi et ze fäerte war: Et hate wéi et schéngt verschidde Leit en Intressen drun, sech elo als „Orthographie-Novateuren“ an d'Sonn ze stellen. Dofir guff en Trallala opgefëiert, datt der natierlech vill gemengt hunn (onglécklecherweis och nach haut mengen), elo wier „alt erëm eng nei Schreifweis“ entstan! Psychologesch also genee dat, wat op kee Fall hätt dierfe passéieren.

Bis op ronn 5% ass dach alles esou bliwwen, wéi de Professor Robert Bruch et uganks de 50er Joere fir d'Orthographie vum Offiziellen Dictionnaire ausgeschafft an a senger „Luxemburger Grammatik in volkstümlichem Abriss“ 1955 virgestallt hat. Den Här Alain Atten huet 1972 et genee d'Wierk geholl, fir den „arrêté ministériel“ vun eiser Schreifweis kompakt zesummeschreiwen, dee mir dem Här Minister Robert Krieps ze verdanken haben. Dat ass kloer an däitlech d'Wouerecht; all anert Gedeessems a wichtegt Geféischters ass waarm Loft!

Fairerweis huet d'Actioun Lëtzebuergesch sech direkt un deen neien „Arrêté grand-ducal“ gehal, deen 1999 erauskomm ass. Mir hu selwer e resuméiert Schreifweis-Blat erausginn, datt nach ëmmer gratis (!) bei äis ze kriéien ass ... Et muss en haut ower mat den Zänn grätschen, wann esouger am „Reider“ vun „Centre de langues“ vrun der aler Europa-Schoul um Glacis behaupt gëtt, si hätte Coursën an deer „NOUVELLE Orthographie“! ... gestonk, gelunn a pedagogesch esou laanscht den Dill, datt een déi zwéi prinzipiell Punkte vun hei uewe roueg nach eng Kéier liese soll!

Eise Comité an d'Redaktioun: Claude Bache, René Faber, Johnny Flick, Jeanny Friederich, Jang Hansen, Henri Marbes, Lex Roth, Roby Zenner, Marvine V. a Pol Wilmes

Merci, Här Lorang!

P.W. – Eise Frënd, Kolleg a Member Fernand Lorang huet der Geschicht, der Kultur an der Sprooch vun eiser Heemecht e Cadeau gemaach, deen an enger Zäit duebel giedleg kënt, wou esou vill äis am „Stress“, am hiermiddeleg Geldgeier an esou sëlliche „coolen“ Handy-capéierte Gemitter wéi eng wonner-weech Plooschter wiert: „Aus aler Zäit“.

Wien éierlech eppes op déi Vergaangenheet hält, ouni déi eist „Haut a Mar“ net ze verstoen ass, dee schafft sech dem Här Lorang säi Buch un, an deem äberweis begëint, dat engem aus der Kannerzäit entgënkent ... et war nach laang net ëmmer schön, ower dacks méi mënschlech an heemlech ... am Sinn vun „Heem“! Wien senge Kanner a Kandskanner gar vu „fréier“ verzielt, dee fënt bei Fernand Lorang Kéip vu Material ... beileiwe keng Mäercher, mä dacks och tragesch Wouerechten. Dat Ganz ass och an enger Sprooch presentéiert, fir déi een dem Auteur wierklech félicitéieren kann, a wéi kënt et anesch sinn: och orthographesch tiptopp. D'Buch „Aus aler Zäit“ gehéiert an all Haus a Bicher-Schaf, a jiddfer Famill, wou Häerz a Verstand nach op d'mannst esou vill bedede wéi Portmonni, Scheck ... a schlecht verstante „Modernitéit“. Et ass e wonnerbaren Ouschter- oder Kommiounscadeau. Dir kritt et an alle Bicherbuteker ... wou iwwerregens ewell déi zweet Editioun läit! De Präis: 24 €.

originell Schëlter

R.Z. – Et wäerten lo eng dräi Joer hier sinn, datt de Comité vun der Actioun Lëtzebuergesch sech mat enger apaarter Iddi ofginn huet: An der Alstad zu Lëtzebuerg sollen déi kulturhistoresch Nimm vu Stroossen a Plazen net méi nëmme wéi bis elo mat deenen „einfache“ blo-wäisse Schëlter gezechent, mee mat originellen, farwege Schëlter extra ervirgestrach ginn, sou wéi een dat och an Ausland gesäit an interessant fënt; et ass nun emol e Stéck vun eiser Geschichte a Kultur!

Datt esou e Projet net iwwer Nuecht kann duerchgefouert ginn, dat huet och äis am Comité ageleecht; mir hunn eis Propos an engem frëndleche Brëif un de Schefferot der Stad matgedeelet; mir kruten eng fejn Äntwert: D'Madame Colette Flesch gësch sech dorëm bekëmmere. Duerno ass et roueg, ganz roueg ginn. Och déi gutt Iddien a Virschléi brauchen alt e bëssen Zäit, fir sech Gehéier ze verschafen a richtig lieweg ze ginn. De Stater Aarbechtsgrupp „Dénomination des rues“ soll elo verschidde Virschléi matenee vergläichen, dobäi och de fäerdeg gezeechente Projet vun eisem Member Johnny Flick.

Et wier elo flott, wann d'Virschléi vun der Actioun Lëtzebuergesch gife Gehéier bei deem Aarbechtsgrupp fannen, a wann d'Schëlter da geschwënn an der Maach wieren. Mir waarden drop – a mir net eleng.

„mat eiser Sprooch ronderëm d'Fréijoer“ Mëttwoch, 2. Abrëll Sonndeg, 6. Abrëll: fir all är Froen a Virschléi iwwer eis Sprooch: eng vun eisen 3 e-mail - Adressen! hei uewen an der KLACK